PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 03/11/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.

Déi nächste Woche sollen op verschidde Platzen am Land, zousätzlech Covid-Teststatiounen opgemaach ginn. Esou soll, zum Beispill, d'nächst Woch een néien Drive-in Zenter zu Stoossen opgoen. Duerch dës Mesure sollen d'Waardezäite fir d'Covid-Tester reduzéiert ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Fro stellen:

1. Ronderëm d'Gemeng Péiteng wunnen ëm déi 50'000 Mënschen. D'Gemeng läit un der Belscher a Franséischer Grenz, wat och eng Chance op ee verkierzte Wee bei eng Teststatioun fir d'Frontaliere géing bedeiten. Dobäi kënnt, dass et mam Site vum Projet Carena (Autokino) an der rue Eucosider, eng grouss fräiräumeg Platz gëtt, wou esou eng Teststatioun genuch Platz hätt.

   Wat fir eng Positioun vertrëtt d'Madamm Ministesch vis-à-vis vun enger zousätzlecher Teststatioun zu Péiteng?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député